LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an dem Här Claude Meisch, Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro n°3374 vum 22. Dezember 2025 vun der Madamm Deputéiert Stéphanie Weydert betreffend Busverbindungen an den LTA zu Gilsdref.**

***Wéi vill Schüler aus dem Oste vum Land ginn an den LTA an d'Schoul?***

Vun insgesamt 642 SchülerInnen déi am Lycée Technique Agricole ageschriwwe sinn, kommen der 82 aus der Regioun Osten. Dovu sinn der 44 aus dem Kanton Iechternach verdeelt op 18 Uertschaften, 27 aus dem Kanton Gréiwemaacher verdeelt op 16 Uertschaften an 11 aus dem Kanton Réimech verdeelt op 7 Uertschaften.

***Wéi eng Verbindunge mat Schülerbusse ginn et aktuell aus dem Osten bei den LTA?***

Aktuell huet just Beefort (11 SchülerInnen) mat der Linn K07 eng direkt Verbindung an dëse Lycée, aner Schoulbuslinnen (K04, K05) aus dem Oste bleiwe beim Arrêt "Rue J. Merten" stoen, an da mussen d'SchülerInnen ronn 400 m zu Fouss goen. Jonglënster (3 SchülerInnen) huet eng direkt Verbindung mat der regulärer Linn 250.

**Ginn et Sammelplazen am Osten, ab deenen ee Schülerbus an den LTA fiert?**

Prinzipiell funktionéiert de Schülerreseau net mat Sammelplazen. Et ginn awer Arrête wou d'SchülerInnen tëscht den eenzelne Linnen ëmklamme kënnen, an dësem Fall ass dat zu Jonglënster den Arrêt "op der Gare" an um Park and Ride. Vu dësen Arrêten aus fiert d'Linn 250 iwwer Hiefenech, d'Fiels, Miedernach, Steeën an Dikrech bis op Ettelbréck. D'SchülerInnen kënnen direkt um Arrêt "Beim Waasserbaseng" erausklammen, dësen ass extra zu deem Zweck nieft dem Lycée op der N14 amenagéiert ginn.

**Falls jo, gedenkt d'Regierung weider Sammelplaze mat direkter Busverbindung an den LTA ze schafen?**

Opgrond vun der uewe genannter Verdeelung vun de SchülerInnen, sinn aktuell nieft Jonglënster keng aner Sammelplaze virgesinn.

**Falls jo, gëtt de Raum Fluessweiler/Jonglënster och domat ofgedeckt?**

Jonglënster ass haut schonn direkt un de Lycée Technique Agricole ugebonn, vu Fluessweiler aus kann een d'Linn 350 déi vu Gréiwemaacher op Jonglënster fiert, huelen an dann zu Jonglënster op d'Linn 250 ëmklammen.

Lëtzebuerg, de 27. Januar 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes